



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8038 vun den éierbaren Deputéierten Martine Hansen an Octavie Modert

1. **Huet den Här Minister Angaben zu der Entwécklung iwwer déi lescht 5 Joer vun der Unzuel vun Deieren, déi zu Wecker geschluecht gi sinn?**

	2018	2019	2020	2021	2022
Erwuessen Randbéischten	6128	6541	7176	6347	5157
Jonkvéih < 200kg	145	145	102	85	97
Total Randbéischten	6273	6686	7278	6432	5254
Schwäin ënner 25 kg	3830	3222	3213	2921	2983
Schwäin iwwer 25 kg	28069	28956	29687	30861	28454
Total Schwäin	31899	32178	32900	33782	31437
Schof an Geessen < 12 kg	144	156	109	109	49
Schof an Geessen 12-18kg	296	241	200	295	124
Schof an Geessen > 18kg	731	769	751	894	716
Total Schof an Geessen	1171	1166	1060	1298	889
Päerd	10	4	7	2	0

2. **War de Minister am Virfeld iwwert d'Fermeture informéiert ginn, an ass no anere Léisunge gesicht ginn?**

De Minister gouf kuerz virun der offizieller Annonce vun der Direktioun vum Schluechthaus informéiert an huet keng juristesche Méiglechkeet fir sech an Decisioune vun enger privater Firma anzeméschen.

3. **Mat nëmmen méi engem Schluechthaus besteet de Risiko, datt am Fall vum Ausbroch vun enger Krankheet, wéi z.B. BSE oder der Schwéngspesch, d'Schluechthaus – an deem Fall dat eenzegt am Land – misst zougemaach ginn. Wat wëll d'Regierung an esou engem Noutfall maachen?**

Am Fall vum Ausbroch vun enger Krankheet besteet laut europäescher Legislatioun keng Obligatioun, e Schluechthaus zou ze maachen. Op Hand vun der Legislatioun mussen sougenannte Schutz- resp. Iwwerwaachungszonen ausgewise ginn an, falls e Schluechthaus an esou enger Zone leit, sinn d'Aktivitéite vun deem Schluechthaus u gewësse Konditioune gebonnen, mee d'Schluechtaktivitéit fir den nationale Marché kann oprecht gehale ginn.

**4. Ass de Minister mam Ettelbrécker Schluechthaus a Kontakt?
- Wa jo, wéi gesäit do déi wirtschaftlech Situatioun aus?**

De Minister grad wéi och seng Verwaltung stinn a permanentem Kontakt mat de Schluechthaiser, sou och mat deem vun Ettelbréck. De Bilan, deem d'Schluechthaus Ettelbréck all Joer op senger Generalversammlung mécht, ass duerch positiv an och deelweis bedéngt duerch de stännegen Ausbau vu sengen Aktivitéite grad wéi och d'Moderniséierung vun den Infrastrukturen.

5. Wëssend, dass mir wéinst der Liewensmëttelsoveränitéit an der Liewensmëttelversuergung e Schluechthaus zu Lëtzebuerg brauchen, wei gedenkt d'Regierung den Erhalt vum leschte Schluechthaus zu Lëtzebuerg laangfristeg ofzesécheren?

Wéi bei all Betrib hänkt d'Aktivitéit vun engem Schluechthaus vu verschiddene Facteuren of: Disponibilitéit an de Präis vun der Matière Première (an deem hei Fall d'lieweg Déieren), d'Exigenzen, wat d'Infrastruktur an d'Equipementer betrëfft, d'Präisser vun der Energie (déi an engem Schluechthaus ee wesentleche Posten duerstellen), d'Entsuergung vun den Offallproduiten a schlussendlech den Ofsaz vun de fäerdege Produkter (Fleesch sief et a Form vun enger Karkasse oder vun Deelstécker aus der Découpe). Op d'Majoritéit vun deene Facteuren huet d'Politik nëmmen en indirekten Afloss. Et ass awer kloer, dass d'Regierung beméit ass, d'Rahmebedingungen sou favorabel wei méiglech ze gestalten, fir dass mir och nach an Zukunft ee Schluechthaus zu Lëtzebuerg hunn.

6. Gesäit d'Regierung an deem Kontext eng Méiglechkeet fir finanziell Hëllef fir d'Ettelbrécker Schluechthaus bereet ze stellen?

Iwwert d'Agrargesetz huet de Ministère d'Méiglechkeet fir verschidde Kofinanzementer beim Neibau, beim Ausbau oder der Moderniséierung vun de Schluechtinfrastrukture souwéi och déi vun der Découpe zu Verfügung ze stellen. An der Vergaangenheet konnten déi verschidde Betriber heivu profitéieren, an dat wäert och weider esou beim Ettelbrécker Schluechthaus gehandhaabt ginn.

Lëtzebuerg, de 19. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN